

Den Hierscht erliewen



D'Sonnesträle gi méi laang an d'Beem gi faarweg, ee méi schéi wéi deen aneren. De Wand bléist duerch d'Bamkrounen, wirbelt d'Blieder vum Buedem an d'Lut a léisst se danzen. Den Hierscht ass do! A well et wichteg ass, sech ze beweegen an an d'fréisch Loft ze goen, heescht et dofir och am Hierscht – eraus an d'Natur!

Op engem flotten Tour duerch de Bësch fënnt ee besonnesch am Hierscht vill interessant Sammlerstécker wéi z. B. Käschten, Eechelen, faarweg Blieder a villes méi, mat deenen ee flott Saache ka bastelen. Oder dir gesitt villäicht e Kaweechelchen, wat amgang ass, seng Reserven (z. B. Eechelen) fir de Wanter ze verstoppfen.



Mee firwat falen am Hierscht d'Blieder vun de Beem ?


Dat ass en Iwwerliewenstrick vun de Beem, déi d'Närstoffer aus de Blieder zéien an dann d'Bladstiller zomachen. Dëst, well am Wanter d'Waasser am Buedem ka fréieren an de Bam d'Blieder net méi mat Waasser ka versuergen. D'Blieder verferwen sech, gi wieleg a falen erof.

A ganz waarme Summeren, wann de Buedem ze dréchen ass, wéi och erëm dëst Joer, kann dat selwecht passéieren!



MIR BASTELEN EN DRAACH...

...dee perfekt an dës Joreszäit passt,
a maachen och nach Upcycling



Dir braucht:

- e Blat Pabeier oder e Stéck Zeitungspabeier
- e Lineal
- e Bläistëft
- faarweg Stëffer
- eng Schéier
- Pech
- eng Schnouer oder Woll

A lass:

Dir braucht e quadratescht Stéck Pabeier (oder Zeitungspabeier), fir ären Draach ze bastelen. Dofir

moosst mam Lineal déi kuerz Säit vun ärem Pabeier, zeechent e Quadrat mat véier Säite vun dëser Längt op äre Pabeier a schneit en dann aus.

Faalt de Quadrat eng Kéier diagonal, soudass en Dräieck entsteet. Macht den Dräieck erëm op a faalt déi zwou ënnescht Hallschente riets a lénks bei déi nei Mëttellinn. Déi gefaalte Säite kënnen festgepecht ginn.

Dir kënnt elo ären Draach faarweg molen, wéi dir wëllt: e Gesicht, e faarwegt Muster oder ganz uni.

Pecht elo e Stéck Schnouer oder Woll un déi ënnescht Säit vun ärem Draach. Aus dem Zeitungspabeier, dass iwwereg bliwwen ass, kënnt dir kleng Schläife falen, fir un d'Schnouer vum Draach ze bannen.

Fäerdeg ass äre Pabeierdraach, deen d'Dieren oder d'Fënstere verschéinert!

natur&ëmwelt a.s.b.l.
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel. 29 04 04-1
secretariat@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu

